N° 8041
Entrée le 26.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Projet de réponse du Ministre des Sports Georges Engel à la question parlementaire n°8041 du 26 mai 2023 de l'honorable Député Jeff Engelen n°8041 au sujet du sport de haut niveau feminin:**

1) Ginn zu Lëtzebuerg och Sportler no enger Familljepaus ënnerstëtzt a geférdert?
2) Ewéi presentéiert sech déi Sitatioun speziell fir Sportlerinnen déi Mamm gi sinn?

Am Leeschtungssport hu mir d'*Section des sports d'élite de l'armée (SSEA),* déi jo bekanntlech fir Spétzesportler geduecht ass, déi der Arméi bäitrieden, fir sech ganzheetlech hirem Sport kënnen ze widmen. Doduerch, datt dës Spétzesportler fest bei der Arméi agestallt sinn, falen si ënnert d'Aarbechtsgesetz, a fir si gëllen deemno déi selwecht Rechter a Pflichten wéi bei jidderengem Aneren och. Op d'Fro wéi Sportler no enger Familljepaus geférdert ginn, bzw Sportlerinnen , muss een, fir de Fall wou een vu Spétzesportler schwätzt, un de LIHPS (*Luxembourg Institute for High Performance in Sports*) verweisen, an hei spezifesch op hir Abteilung "I*njury Prevention & Return-to-Sports*". Déi Haaptmissioune vun dëser Abteilung sinn:

- fir eng effizient a sécher Leeschtung no enger Verletzung, enger Krankheet oder all aner Absence vum Sport ze garantéieren,
- fir sportspezifesch Präventiounsstrategien ëmzesetzen fir de Risiko vun neien an/oder widderhuelende Verletzungen ze reduzéieren.

Fir dës Ziler z'erreechen, ginn d'Haaptschrëtter fir zeréck an de Sport geplangt a koordinéiert an enker Zesummenaarbecht mam Athlet a sengem Trainer souwéi all involvéierten Akteuren an Experten. Eng Critère-baséiert a progressiv Rehabilitatioun, dorënner Stäerkttraining, reaktiv Entscheedungsprozesser a koordinativ Übungen, ginn am *High-Performance Training and Recovery Center* (HPTRC) am *Centre National Sportif et Culturel* d'Coque oder um Spillfeld ugebueden wann néideg. Gemeinsam Entscheedungsprozesser baséierend op funktionnellen a sportspezifeschen Tester guidéieren den Athlet duerch de Prozess vum *"Return to sports".*

**Luxembourg le 26 juin 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel